ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 8. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Am Kontext vun der temporärer Fermeture vun der Ettelbrécker Maternité stellt sech och d'Fro vun der Personalstruktur an der Disponibilitéit vun de Pediateren.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Wéi vill Pediatere sinn aktuell zu Lëtzebuerg - opgeschlësselt no där jeeweileger Regioun/Bezierk - zougelooss?
2. Wéi vill vun deene Pediatere schaffen am Spidolswiese mat - opgeschlësselt no deene jeeweilege Spideeler -, fir de Fonctionnement vun de Maternitéë mat ze assuréieren?
3. Wéi vill vun den zougeloossene Pediateren zu Lëtzebuerg hunn eng Zousazformatioun fir d'Reanimatioun vun den Neigebuerenen?
4. Wéi gesäit déi allgemeng Alterspyramid vun den zougeloossene Pediateren aus?
5. Huet d'Regierung eventuell Informatiounen doriwwer, wéi vill Lëtzebuerger Studenten aktuell am Ausland d'Formatioun zum Pediater absolvéieren?
6. Wat gedenkt d'Regierung ze ënnerhuelen, fir ënnert de Medezinsstudenten de Beruff vum Pediater ze promouvéieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten